



Virwuert

Léif Gruppecheftaine, léiwe Gruppechef,

Grad ewéi fir d'Chef/tainë vun de Branchë Methodendossier-en ausgeschafft gi sin, gët de Verband dir heimatt en Dossier an d'Hand, deen dir an dénger wichteger, villsäiteger an delikater Funktioun eng praktesch Hëllef ka sin. Heira fënns du ganz villes vun deem, wat s du als GC solls oder wëlls wëssen, Iddie fir d'Ledung vum Grupp an Hiwäiser fir näischt ze vergiessen.

Beim Opbau gouf prioritär op déi Texter zrëckgegraff, déi d'GC-Equipe an de leschte Joren ausgeschafft huet, an dat dacks op Grond vum Erfahrungsaustausch op de "Rencontren" a Chefdeeg. D'Kapitele sin esou zesummegeallt, datt och e GC mat wéineg Cheferfarung elementar Informatiounen kritt; an dach gët den "alen Huese" genuch Matière fir z'iwwerleë gebueden. Déi Saachen, déi schon an de Methodendossier-e vun de Branchen oder an den LGS-Dossier-e publizéiert gi sin, goufen hei ewechgelooss oder nëmme kuerz gesträift. D'LGS-Dossier-en N° 3 "Statuten & Reglementer" an N° 4 "Administratives" si fir e GC jo e gelleche "must" a gehéieren duerfir mat an dëse Classeur.

Looss dech nët zevill beandrocke vun där Mass vu Pabeier, Informatiounen a Rotschléi. Keen as perfekt, et kann een nët alles gläichzäiteg realiséieren, mee jiddereen, deen am Häerz jonk bliwwen as, kann nach ëmmer bäiléieren. Setz der Prioritéiten, a géi mat Freed un d'Aarbecht!

D'Dokumenter vun dësem Handbuch sin op eenzel Blieder gedréckt, déi ee liicht kann auswiesselen. Et komme bestëmmt spéider nei Texter derbäi, an et gët vläicht dest oder dat Blat duerch eng verbessert Versioun ersat. Duerfir sin d'Säiten nët kontinuéierlech numeréiert. All Dokument (Dok.) huet eng Nummer mat dem Joer vun der Publikatioun. Dat erlaabt dir, den Dossier ëmmer um leschte Stand ze halen. Aus technesche Grënn sin d'Blieder nëmme op enger Säit bedréckt.

Fir dësen Dossier ze verbessern an ze completéieren as déng Mathëllef gefrot. D'Gruppechefséquipe as dankbar fir all Suggestioun, all konstruktiv Kritik a besonnesch fir all aktiv Mataarbecht.